Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 14. Dezember 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Der brittescher Zouloossungsinstanzr MHRA no, sollen sech Fraen, déi entweder erwaarden, oder plangen, an de kommenden dräi Méint schwanger ze ginn, esou wéi Mammen, déi nieren, net mam Biontech/Pfitzer -Impfstoff impfe loossen. Et ginn nämlech nach keng Daten driwwer, ob eng speziell Gefor oder net fir Fraen an deene Situatiounen, besteet. (Quell : Focus vum 12. Dezember 2020)

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheetsministesch folgend Froe stellen :

1. Gëtt am Kader vun der Schwangerschaftsberodung e besonneschen Akzent drop geluecht, de betraffene Fraen dovun ofzeroden, sech mat deem Impfstoff impfen ze loossen?
2. Kréie Gynekologen an Hiewanen an där Hisiicht vun der Regierung speziell Informatiounen?
3. Si bei anere Corona-Impfstoffer, déi deemnächst zu Lëtzebuerg wäerten zougelooss ginn, Studie bekannt, déi sech speziell mat Fraen an aneren Ëmstänn oder Fraen déi nieren, befaassen?
4. Ass virgesinn, datt Fraen, déi sech wëllen impfe loossen, aus gesondheetleche Sécherheetsgrënn fir si selwer an hiert Kand, am Viraus e Schwangerschaftstest per Bluttanalys maache mussen? Gedenkt d'Regierung esou eng Klausel, déi wichteg wier, an d'Impfstrategie anzeplangen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten